



GRÉNGE CAMPUS

FORMATIUNSPROGRAMM



EDITIOUN HIRSCHT/WANTER 2021/2022

I. GRÉNG POLITIK AN EIS GESELLSCHAFT BESSER VERSTOEN 1

I.1. GRÉNG KÄRTHEMEN A GESELLSCHAFTLECH GRONDLAGE KENNEN: DEN 101 VUN EISER POLITIK 1

- a. Klimaschutz an nohalteg Energieversuergung
- b. Wie mir sinn: grouss Bevëlkerungscharakteristiken a Migratiounen

I.2. GRÉNG GEMENGEPOLITIK ËMSETZE KËNNEN 3

- a. Fonctionnement an Organisatioun vun der Gemeng
- b. D'Gemengefinanzen verstoen
- c. Aménagement communal a kommunal Logementspolitik

I.3. WICHTEG AKTUALITÉITSSUJETE VERSTOEN 5

- a. Liwwerkettegesetz: Wou steet Lëtzebuerg a wat steet um Spill?

II. EIS KOMPETENZEN ENTWÉCKELEN 6

II. 1. FIR ENG BESSER KOMMUNIKATIOUN ONLINE AN OFFLINE 6

- a. Press & Politik
- b. Kommunikatioun op de soziale Medien
- c. Content Creation – mam Smartphone gutt Fotoë maachen a verwäerten
- d. Déi nei gréng Internetsäiten benotzen
- e. Online Hatespeech: Wéi geet een domat ëm?
- f. Genderschrëft - Gendergerecht schreiwen

II. 2. FIR ENG BESSER ORGANISATIOUN 10

- a. Reunioune gutt leeden an Diskussioune gutt moderéieren

III. GRÉNGEN AUSTAUSCH 11

- a. Visitt guidée vun der interaktiver Ausstellung “DemokratieLabo”
- b. Visitt guidée vun der Ausstellung “Gleef dat net”
- c. Filmvirféierung “An Zéro” an Debatt mam Claude Turmes
- d. Fräien Austausch: Fraen an der Politik
- e. Parlons vert 
- f. Let's talk green 
- g. Beweeg dech am Gréngen

IV. WELCOME BEI DÉI GRÉNG 16

V. TIMELINE 17

LÉIF MEMBEREN,

Vun dësem September un, bitt d'Partei iech e Formatiounskatalog un, deen iwwer e puer Méint geet. An d'Zukunft wëlle mir esou e Katalog systematesch opstellen, fir datt jidderengem vun eis d'Themen an d'Datumer mat Zäite bekannt sinn. D'Zil ass et iech e Katalog iwwer den Hierscht/Wanter vu September bis Mäerz ze ginn. An dann ee Weidere iwwer d'Fréijoer/Summer vun Abrëll bis Juli. Am Joer 2022/2023 baue mir dann natierlech e méi spezielle Formatiounsprogramm op, dee virun allem eis Kandidat:inne fir d'Gemengen- an d'Parlamentswahlen gutt op déi grouss Erausforderungen vum Waljoer virbereet.

Eng éischt "normal" Editioun stelle mir iech hei vir. Mir hunn de Programm a véier grouss Kategorien agedeelt.

Éischtens bidde mir **thematesch Formatiounen** un, mam Zil, datt jidderee säi Wëssen a gréngen Kärthemen (z.B. Klimaschutz) festege kann. Dodernieft ginn awer och wichteg Fundamenter vun der Aarbecht an de Gemengen a vun eisem gesellschaftlechen Zesummeliewen opgegraff an och geziilt Aktualitéitsthemen ënnert d'Lupp geholl.

Zweetens ginn et **praktesch Formatiounen**, fir eis Kompetenzen weiderzeentwéckelen oder ze verbesseren (z.B. d'Notze vun de soziale Medien).

Drëttens bidde mir awer och verschidde Formater fir e méi **lockeren Austausch** un. Dat sollen och Momenter sinn, wou d'Memberen sech ënnerteneen, awer och eis gréng Mandatairen, besser kenneléieren. Dat Ganzt natierlech an engem politesche Kontext, wou jidderee wäertvollt Wësse mat heem hëlt.

Véiertens proposéiere mir och fir nei Memberen e **flott Eraklamm** an déi gréng Partei, wou se dono all déi néideg Informatiounen iwwert déi gréng Partei an hire perséinlechen Engagement bei eis hunn. Et ass och déi bescht Geleeënheet fir vill Froen ze stellen an all déi néideg Kontakter ze kréien.

Mir sinn eis sécher, hei ass fir jiddereen:t eppes dobäi!

Maacht mat! Mir freeën eis op iech.

Djuna Bernard & Meris Sehovic
Parteipräsident:innen

I. GRÉNG POLITIK AN EIS GESELLSCHAFT BESSER VERSTOEN

eis thematesch Formatiounen

Fir eng besser Welt kënnen opzebauen, fir méi Liewensqualitéit an eiser Noperschaft an eise Gemengen ze suergen, awer och fir geziilt eis politesch Kämpf am Alldag ze gewannen, wëlle mir déi wichtegst Grondlagen an dräi Beräicher kennen a verstoen:

Fir eng besser Welt - gréng Kärtheme a gesellschaftlech Grondlage kennen

Fir méi Liewensqualitéit an eiser Uertschaft - gréng Gemengepolitik ëmsetze kënnen

Fir eis politesch Kämpf am Alldag - wichteg Aktualitéitssujeten verstoen

I.1. GRÉNG KÄRTHEMEN A GESELLSCHAFTLECH GRONDLAGE KENNEN: DEN 101 VUN EISER POLITIK

a. Klimaschutz an nohalteg Energieversuergung

Wat sinn d'wëssenschaftlech Grondlage vun der aktueller Klimakris? Wat sinn déi gréissten Erausforderungen a firwat? Wat maache mir um politesche Plang dergéint a wat sinn eis Ziler an Instrumenter? Wat hu mir an der Regierung schonns ëmgesat?

D'Formatioun ass an zwee Deeler opgedeelt: de wëssenschaftleche Volet an de politesche Volet. Hei kréien d'Leit fir d'éischt déi wëssenschaftlech Fakten am Bezug zum Klimawandel.

An engem zweeten Deel wëlle mir erklären, wat déi grouss politesch Zilsetzung sinn, a wat fir eng politesch Instrumenter et géint de Klimawandel gëtt, sou wuel um lokale, nationale wéi och um internationalen Niveau. Den Haaptakzent gëtt op de lokalen a nationalen Niveau zu Lëtzebuerg geluecht, a mir wëllen och op déi Instrumenter besonnesch agoen, déi mir an der Regierung ëmgesat hunn.

Eis Formatrice fir de wëssenschaftleche Volet ass d' **Jessie Thill**, gréng Schëffin zu Walfer an diploméiert an Ëmwelphysik. Ëm de politesche Volet këmmert sech d' **Sarah Jacobs**, Fraktiounsmataarbechterin, wat um Klima- an Ëmweltdossier schafft.

<i>Formateur/trice</i>	<i>Zilgrupp</i>	<i>Niveau</i>	<i>Datum/Plaz</i>
Jessie Thill Sarah Jacobs	All d'Memberen	Aféierung an de Sujet	9. Dezember 2021 vun 18:30 - 20:30
			FNEL 61A, route de Trèves, L-2630 Luxembourg

b. Wie mir sinn: grouss Bevëlkerungscharakteristiken a Migratiounen

Zu 250 Milliounen Mënschen ware mir virun 2000 Joer op eisem Planéit. Am 19. Jorhonnert ware mir zu enger Milliard. Gutt 200 Joer méi spët schonns zu iwwer 7 Milliarden. Eleng dëst Beispill wéisst déi enorm Changementer, déi eis Welt demografesch a kuerzer Zäit erlieft huet. Mat groussen Konsequenzen fir eis Gesellschaften an och fir déi politesch Erausforderungen. Awer net just d'Weltbevëlkerung huet geännert, och Lëtzebuerg huet déi lescht Joerzénge hei radikal a ganz spezifesch changéiert.

Och dës Formatioun zur Demografie huet zwee Deeler:

En éischten Deel dréit sech ëm de wëssenschaftleche Volet, ëm Zuelen, Statistiken a grouss Tendenzen, international a besonnesch zu Lëtzebuerg. Wat sinn déi grouss global Tendenzen, wat demografesch Entwécklungen ugeet? Wou sti mir haut zu Lëtzebuerg? Wéi huet sech eis Land geännert a wéi entwéckelt et sech?

Den zweeten Deel këmmert sech ëm de politesche Volet, wou mir eis froen: Wat sinn d'Erausforderungen, déi sech dorausser erginn? Fir eis Gesellschaft, awer och fir d'Politik, wa se an d'Zukunft bléckt? Wéi musse mir déi weider Entwécklung haut schonns politesch gestalten?

Eis Formateure sinn de **Charles Margue**, gréngen Deputéierten an Demographe, an de **Sylvain Besch**, Fuerscher beim Centre d'étude et de formation interculturelles et sociales (CEFIS).

<i>Formateur/Trice</i>	<i>Zilgrupp</i>	<i>Niveau</i>	<i>Datum/Plaz</i>
Charel Margue Sylvain Besch	All d'Memberen	Aféierung an de Sujet	10. November 2021 vun 19:00 - 21:00 Fraktioun 4, rue du St Esprit L-1475 Luxembourg Et kann een sech och via Zoom aschalten.

I.2. GRÉNG GEMENGEPOLITIK ËMSETZE KËNNEN

Dës Formatiounen konzentréieren sech op d'Fundamenter vun der Lokalpolitik a si besonnesch fir nei lokal Mandataire oder aktiv Sektionsmembere geduecht. D'Zil ass et hinnen esou gutt wéi méiglech beim Ausféiere vun hirem Mandat an och hirer Aarbecht an der Lokalsektioun ze hëllefen.

Ergänzt ginn dës Formatiounen duerch Veranstaltungen vum GT-Communes, déi sech méi mat ganz konkrete Initiative vun der Lokalpolitik auserneesetzt (z.B. déi lescht Méint mam Klimapakt 2.0, Naturpakt, Pacte Logement 2.0 ...).

a. Fonctionnement an Organisatioun vun der Gemeng

D'Zil vun der Formatioun ass et de Participanten déi gesetzlech Grondprinzippië vum Fonctionnement vun eise Gemenge méi no ze bréngen: Wéi funktionéieren d'Organer vun enger Gemeng? Wat sinn hir Aufgaben a Kompetenzen? Wéi funktionéiert d'Zesummespill vu Staat a Gemeng? Wat reegelt de Staat a wat gëtt duerch Gemengereglementer bestëmmt?

<i>Formateur/trice</i>	<i>Zilgrupp</i>	<i>Niveau</i>	<i>Datum/Plaz</i>
à confirmer	Besonnesch interessant fir nei Gemengmandatairen an déi aktiv Sektionsmembere.	Aféierung an de Sujet	November 2021 Fraktioun 4, rue du St Esprit 1475 Luxembourg Et kann een sech och via Zoom aschalten.

De genauen Datum schécke mir iech geschwënn nach no.

b. D'Gemengefinanzen verstoen

All Projet, dee soll ëmgesat ginn, huet een Impakt op de Gemengebudget. Esou kënn wierklech keen derlaanscht fir sech mat de Gemengefinanzen auserneesetzen. Ob an der Majoritéit oder an der Oppositoun ass et wichteg, den Opbau vum Gemengebudget ze verstoen. D'Zil vun dëser Formatioun ass et fir besonnesch méi neie Mandatairen e gudden Iwwerbléck iwwert d'Gemengefinanzen ze vermëttelen: Wéi setzen sech d'Gemengefinanzen zesummen? Wat sinn d'Recetten an d'Dépense vun enger Gemeng? Wéi ass de Budget strukturéiert a wéi gëtt en opgestallt a gestëmmt? Wat sinn d'Reegelen vun der Comptabilitéit um Gemengenniveau?

<i>Formateur/trice</i>	<i>Zilgrupp</i>	<i>Niveau</i>	<i>Datum/Plaz</i>
à confirmer	Besonnesch interessant fir nei Gemengmandatairen an déi aktiv Sektionsmembere.	Aféierung an de Sujet	Enn Oktober 2021 Fraktioun 4, rue du St Esprit 1475 Luxembourg Et kann een sech och via Zoom aschalten.

De genauen Datum schécke mir iech geschwënn nach no.

c. Aménagement communal a kommunal Logementspolitik

Am politeschen Debat ass d'Logementskris net méi ewechzedenken. Et ass eng vun de gréisste Suergen vun eise Matbierger:innen. Et ass fir jiddereen:t och méttlerweil kloer, dass d'ëffentlech Hand nach méi agräife muss fir de Problem unzegoen. Zur ëffentlecher Hand gehéiert natierlech de Staat, mä awer och d'Gemenge, déi eng grouss Roll hei spillen.

Dës Formatioun ass an dräi grouss Partien agedeelt:

1. Wat ass Landesplanung? Wat sinn déi grouss Instrumenter vun der Landesplanung zu Lëtzebuerg? Wat ass d'Roll vun de Gemengen a wat sinn hir Instrumenter fir anzegräifen? Wat gëtt vum PAG a PAP festgeluecht?

2. Wat sinn d'Erausforderungen vum Logement zu Lëtzebuerg fir déi ëffentlech Hand? Wéi kann ech als Gemeng nohalteg an ëffentlech Wunnenge bauen? Wat fir eng Ënnerstützung vum Staat gëtt et a wat/wien sinn déi staatlech Akteuren? Wéi eng Initiativen huet eise grénge Minister schonns ergraff?

3. Wéi bauen ech als Gemeng liewenswäerte Wunraum, an op wat muss ech oppassen fir e flott Zesummeliewen an der Gemeng ze erméiglechen?

Den éischten Deel vun der Formatioun gëtt vum **Tom Becker** presentéiert, hien ass Professor op der Uni.lu a seng Fuerschung konzentréiert sech op déi Theematik. Fir den zweeten Deel vun dëser Formatioun ass de **Mike Mathias** zoustänneg, Premier Conseiller beim Logementsministère. Den drëtten Deel gëtt eis vum **Semiray Ahmedova** erkläert, gréng Deputéierten, Architektin an Urbanistin.

<i>Formateur/trice</i>	<i>Zilgrupp</i>	<i>Niveau</i>	<i>Datum/Plaz</i>
Tom Becker Mike Mathias Semiray Ahmedova	Besonesch interessant fir lokal an national Mandatairen, an aktiv Sektionsmemberen	Aféierung an de Sujet	29. Januar 2022 vun 9:00 - 12:00 Jugendherberg an der Stad 2, rue du Fort Olisy L-2261 Luxembourg

I.3. WICHTEG AKTUALITÉITSSUJETE VERSTOEN

a. Liwwerkettegesetz: Wou steet Lëtzebuerg a wat steet um Spill?

Am Handel an an der Produktioun ginn oft fundamental Mënscherechter am Verlaf vun der weltwäiter Liwwerkette verletzt. Hei schwätzt een oft vu Kanneraarbecht, Ausbeutung, Diskriminatioun an der kompletter Absence vun Aarbechtsrechter. Ëmweltzerstéierung kënnt och hei leider vill ze oft vir, beispillsweis mat der Waasser- a Loftverschmutzung wärend der Produktioun.

Dofir ass et wichteg, dass d'Firmen an hirer Liwwerketten och d'Verantwortung géintiwuer de Mënscherechter an der Ëmwelt droen. Wéi ass et zu Lëtzebuerg? Wou sti mir? Wat sinn d'Erausforderungen? Dat a nach méi gëtt iech an dëser Formatioun erkläert.

D'**Basak Baglayan**, Fuerscherin op der Uni Lëtzebuerg, wat fir den Ausseministère de Rapport zum Thema vun de Liwwerkette geschriwwen huet, an eis Députéiert, **Stéphanie Empain**, wat an der Chamber op dësem Dossier schafft, wäerten iech an d'Thema aféieren an är Froen beäntweren.

<i>Formateur/trice</i>	<i>Zilgrupp</i>	<i>Niveau</i>	<i>Datum/Plaz</i>
Stéphanie Empain	Memberen	Aféierung an de Sujet	1. Februar 2022 vun 18:30 - 20:30
Basak Baglayan			Fraktioun 4, rue du St Esprit L-1475 Luxembourg
			Et kann een sech och via Zoom aschalten.



II. EIS KOMPETENZEN ENTWÉCKELEN

eis praktesch Formatiounen

Dës Formatiounen hunn als Zil eng nei praktesch Kompetenz ze léieren oder seng Kompetenzen an engem gewëssen Domän ze verbesseren. Se konzentréieren sech haaptsächlech op d'Kommunikatioun, sief et fir eng besser online an offline Kommunikatioun, eng méi inklusiv Kommunikatioun oder nach, wéi een sech am beschten online viru Beleidegungen, Haass an Drohungen schütze kann.

Och sollen se hëllef an der Organisatioun ze verbesseren z.B. beim Moderéiere vun enger Versammlung.

II. 1. FIR ENG BESSER KOMMUNIKATIOUN ONLINE AN OFFLINE

a. Press & Politik

Och als Lokalpolitiker:in ass et interessant e gudden Kontakt mat der Press ze hunn. Wéi bauen ech e gudden Communiqué oder allgemeng e gudden Artikel op? Wéi preparéieren ech mech op en Interview a wéi bereeden ech eng Pressekonferenz vir? Wéini ass wéi een Instrument ubruecht? Wéi ginn ech mat Journaliste:innen ëm? Dës Formatioun wäert iech puer Rotschléi fir ären Ëmgang mat der Press ginn.

Eis Formateure sinn de **Meris Sehovic**, Parteipräsident an de **Pit Bouché**, Koordinator vum Parteisekretariat. Bédid hunn duerch hiert Mandat, hiren Engagement an och Beruff vill Erfahrung am Ëmgang mat der Press.

<i>Formateur/trice</i>	<i>Zilgrupp</i>	<i>Niveau</i>	<i>Datum/Plaz</i>
Meris Sehovic Pit Bouché	Gemengemandatairen a Membere vun de Lokalsektiounen, déi an der Kommunika- tioun matschaffen	Débutant	23. September 2021 vun 19:00 - 21:00 Fraktioun 4, rue du St Esprit L-1475 Luxembourg Et kann een sech och via Zoom aschalten.

b. Kommunikatioun op de soziale Medien

Hautdesdaags leeft e groussen Deel vun der politescher Kommunikatioun iwwer sozial Plattformen, ewéi Facebook, Instagram oder Twitter of. Hei kënnen d'Lokalsektioune respektiv d'Politiker:inne mat hire „Followers“ a Kontakt kommen, iwwer sech an hir Aarbecht beriichten an nei potenziell Membere fannen. Et ass dofir wichteg, déi Plattformen an hire Fonctionnement ze verstoen, awer och ze wëssen, wéi een déi am Beschte benotzt.

D'Formateuren sinn d'**Clarisse Kombo** an den **Alex Carvalho**, Mataarbechter:inne vum Parteisekretariat, déi sech ëm d'Kommunikatioun op de soziale Medie vun "déi gréng" këmmere.

<i>Formateur/trice</i>	<i>Zilgrupp</i>	<i>Niveau</i>	<i>Datum/Plaz</i>
Clarisse Kombo Alex Carvalho	Gemengemandatairen a Membere vun de Lokalsektioune, déi fir d'Kommunikatiouns- aarbecht op de soziale Medië zoustänneg sinn	Débutant	25. November 2021 vun 18:30 - 20:30 Fraktioun 4, rue du St Esprit L-1475 Luxembourg (en présentiel, mam Laptop oder Smartphone mathuelen)

c. Content Creation – mam Smartphone gutt Fotoë maachen a verwäerten

Op de Social Media Plattformen ass et wichteg, interessante Contenu ze posten. Dofir brauch ee gutt Fotoen a Biller. An dëser Formatioun léiert dir, wéi ee gutt Fotoe mam Smartphone mécht a wéi een déi editéiere kann. Eng kleng Basis vum Grafik Design a vun der grénger Corporate Identity kritt dir och erklärt. Dës Formatioun ass als praktesche Workshop mat Bléck op de Gemengewalkampf geduercht, an als Suivi vun de Tutorials-Videoen, déi dir online fannt. [Hei klicken.](#)

De Formateur ass den **Alex Carvalho**, Fotograf, Videograf a Content Creator vun der Partei.

<i>Formateur/trice</i>	<i>Zilgrupp</i>	<i>Niveau</i>	<i>Datum/Plaz</i>
Alex Carvalho	Memberen	Débutant/ Intermédiaire	4. Dezember 2021 vun 10:00 - 12:00 Fraktioun 4, rue du St Esprit L-1475 Luxembourg (en présentiel mat Smartphone)

d. Déi nei gréng Internetsäiten benotzen

Am Hierscht 2021 kréien d'Lokalsektiounen vun der Partei nei Internetsäiten. An dëser Formatioun kréien déi zoustänneg Membere vun de Lokalsektiounen dat néidegt Wësse fir déi nei Internetsäiten ze notzen vermëttelt: Wéi sinn eis nei Internetsäiten vun de Lokalsektiounen opgebaut a wéi funktionnéieren se? Wéi schaffen ech mat Wordpress? Wéi eng Inhalter soll ech op den Internetsiten ënner wéi enger Form uweisen?

D'Formateure sinn de **Stéphane Majerus** an de **Pit Bouché**, Mataarbechter vum Parteisekretariat.

<i>Formateur/trice</i>	<i>Zilgrupp</i>	<i>Niveau</i>	<i>Datum/Plaz</i>
Stéphane Majerus Pit Bouché	Déi Memberen, déi an de Lokalsektiounen fir den Internetsite responsabel sinn	Débutant	5. Januar 2022 vun 19:00 - 20:30 Fraktioun 4, rue du St Esprit L-1475 Luxembourg (en présentiel mam Laptop)

e. Online Hatespeech: Wéi geet een domat ëm?

Verächtlecht, rassistesch, oder sexistesch Kommentare gehéiere méttlerweil op de soziale Medien zu eisem Alldag. Ëmmer méi Leit sinn Affäre vun Hatespeech. Sou soll et awer net sinn a mir kënnen dat zesammen änneren. D'Gréng Stëftung huet mat der "Green European Foundation" e Cour iwwert Hatespeech virbereet. De Cour wäert online sinn a gëtt iech Richtlinn fir mat Hatespeech ëm- oder och dergéintzegoen.

Am Hierscht (Oktober oder November) 2021 wäert eng Chamberdebatt zu deem Thema stattfannen, zäitno wäert dës Cour vun der grénger Stëftung dann och disponibel sinn. De genauen Datum wäert nach no kommen, mä dir kënnt iech lo schon umellen a soubal de Cour verfügbar ass, schécke mir iech dann de Link.

<i>Formateur/trice</i>	<i>Zilgrupp</i>	<i>Niveau</i>	<i>Datum/Plaz</i>
Gréng Stëftung	Memberen an Net-Memberen	Débutant	Online (de genauen Datum kënnt nach no)

f. Genderschrëft - Gendergerecht schreiwen

Déi gréng hu sech schonn ëmmer fir d'Gläichberechtigung tëschent Fraen a Männer, souwéi géint all Form vun Diskriminatioun agesaat. Jidereen:t soll sech an eiser Gesellschaft integréiert a wuel spieren. Eist Zil ass eng inklusiv Gesellschaft an dozou gehéiert natierlech och d'Sprouch. An dëser Formatioun gëtt erkläert: Wat ass gendergerecht schreiwen? Wisou brauch ech d'Genderschrëft a firwat ass et wichteg? Wéi notzen ech d'Genderschrëft richteg?

Dës Formatioun halen de **Paul Zens**, Member vum Genderrot vun der Partei, an d'**Clarisse Kombo**, wat sech am Parteisekretariat ëm den Genderrot an den Dossier vun der Genderschrëft këmmert.

<i>Formateur/trice</i>	<i>Zilgrupp</i>	<i>Niveau</i>	<i>Datum/Plaz</i>
Clarisse Kombo Paul Zens	Memberen	Débutant	10. Februar 2022 vun 18:30 - 20:30 Fraktioun 4, rue du St Esprit L-1475 Luxembourg Et kann een sech och via Zoom aschalten.



II. 2. FIR ENG BESSER ORGANISATIOUN

a. Reunioune gutt leeden an Diskussioune gutt moderéieren


Gutt Reunioune ofhalen, esou, datt engersäits Resultater dobäi erauskommen an anerersäits jiddereen:t d'Gefill huet agebonn ze sinn, ass net esou einfach. Dëst hänkt vill vun enger gudder Moderatioun of. Vill Membere sinn duerch hiert d'Mandat dozou ugehalen eng Diskussioun ze leeden, sief et fir eng Versammlung vun enger Lokalsektioun oder nach fir e Groupe de Travail (GT). Sie wëlle mir mat e puer Rotschléi ënnerstëtzen: Wéi preparéiert een eng Reunioun? Wéi kritt een eng Diskussioun animéiert? Wéi moderéiert een eng Versammlung esou, datt e gutt Resultat dobäi erauskënnt? Wéi assuréiert een de néidege Suivi?

Dës Formatioun gëtt am Hierscht fir Debutant an am Wanter fir de Niveau Avancé ugebueden.

D'Formatioun fir Debutant gett vum **Djuna Bernard** gehalen, Parteipräsidentin, a gréng Deputéierten. De Patrick Azevedo ass Trainer a Facilitator mat engem Hannergrond am ONG-Management.

<i>Formateur/trice</i>	<i>Zilgrupp</i>	<i>Niveau</i>	<i>Datum/Plaz</i>
Djuna Bernard	Memberen, déi an eise Gremië Versammlungen moderéieren sollen	Débutant	7. Oktober 2021 vun 19:00 - 21:00 Fraktioun 4, rue du St Esprit L-1475 Luxembourg

<i>Formateur/trice</i>	<i>Zilgrupp</i>	<i>Niveau</i>	<i>Datum/Plaz</i>
Patrick Azevedo	Memberen, déi an eise Gremië Versammlungen moderéieren sollen	Avancé	Mäerz 2022 Fraktioun 4, rue du St Esprit L-1475 Luxembourg



III. GRÉNGEN AUSTAUSCH

D'Partei organiséiert reegelmäseg méi locker Austauschméiglechkeeten, wou sech d'Memberen an d'Mandataire kënnen an engem politeschen an didaktesche Kontext besser kenneléieren. Genau wéi beim "Beweeg dech am Gréngen" sinn dës Veranstaltung fir Memberen an och Net-Memberen op. Bréngt hei gären och är Frënn a Famill mat!

a. Visitt guidée vun der interaktiver Ausstellung "DemokratieLabo"

Et geet drëms iwwert eist Zesummeliewen an sozial Theemen nozedenken. En Austausch mat deenen anere Participanten ass encouragéiert. Op dës Aart a Weis kënnen komplex Froestellungen ronderëm d'Thema vun der Demokratie an der Gesellschaft anschaulich vermittelt ginn. D'Ausstellung gräift Theeme wéi Virurteeler, Fräiheet, Gerechtegkeet an Ongläicheeten op.

<i>Aktivitéit</i>	<i>Zilgrupp</i>	<i>Datum</i>	<i>Plaz</i>
Visitt vun der interaktiver Ausstellung DemokratieLabo.	Memberen an Net-Memberen Maximal 30 Participanten (4€ fir d'Entrée)	12. September 2021 vu 15:00 - 16:45	Château de Vianden Mnt du Château, 9408 Vianden (RDV ass um 14:45 virun der Keess vum Schlass)

b. Visitt guidée vun der Ausstellung "Gleef dat net"

Zënter dem Ausbroch vun der Covid-19 Pandemie an de sanitäre Moosnamen, sinn immens vill Verschwörungstheorien zirkuléiert an zu engem dominanten Thema ginn. "Alternativ" Internet Medien a Gruppen op de soziale Medien manipuléieren ëmmer méi Leit. Verschwörungstheorië sinn awer kee neit Phänomen. Si erschéngen ëmmer erëm an der mënschlecher Geschicht. Dës Ausstellung ënnersicht d'Urspréng, d'Funktionalitéit an d'Verbreedung vu Verschwörungstheorien.

<i>Aktivitéit</i>	<i>Zilgrupp</i>	<i>Datum</i>	<i>Plaz</i>
Visitt vun der Expositioun "Gleef dat net"	Memberen an Net-Memberen Maximal 20 Participanten (3€ fir d'Entrée)	12. Dezember 2021 vu 15:00 - 17:00	Lëtzebuerg City Museum 14 Rue du St Esprit, 2090 Luxembourg (RDV ass um 14:45 virum Musée)

c. Filmvirféierung “An Zéro” an Debatt mam Claude Turmes

Wat wann eist Land no engem schlëmmen nuklearen Accident vun der Kaart géing verschwannen? Dës Fro gëtt am Film “An Zéro” erfuerscht, wéi och déi wirtschaftlech, legal, politesch, gesellschaftlech, kulturell a psychesch Konsequenze vun engem Atomaccident. No der Virféierung vum Film fënnt eng Debatt mam Energieminister, Claude Turmes, statt.


<i>Aktiviteit</i>	<i>Zilgrupp</i>	<i>Datum</i>	<i>Plaz</i>
Filmvirféierung	Memberen an Net-Memberen	23. Februar 2022 vun 18:30 - 21:30	Ciné Le Paris 12, rue de la Gare, 3236 Bettembourg

d. Fräien Austausch: Fraen an der Politik

Am Kader vum International Women’s Month, organiséiert d’Partei e fräien Austausch iwwert den Engagement vu Fraen an der Politik: Wéi ass et eng Fra an der Politik ze sinn? Wéi eng Erfarungen maachen eis Politikerinnen? Wat sinn haut nach déi spezifesch Erausforderungen?

<i>Aktiviteit</i>	<i>Mandataire</i>	<i>Zilgrupp</i>	<i>Datum</i>
Fräien Austausch	Djuna Bernard	Memberen, déi sech als Fraen identifizéieren	7. Mäerz 2022 vun 18:30 - 20:30 Fraktioun 4, rue du St Esprit L-1475 Luxembourg





e. Parlons vert

Le parti a décidé de lancer une nouvelle série de discussions en langue française et anglaise, qui s'appelle **Parlons vert**. Celle-ci a pour but d'inviter nos membres, surtout celles et ceux qui ne parlent pas luxembourgeois, à venir discuter avec un.e de nos député.e.s sur un sujet politique. Le tout bien sûr dans une ambiance décontractée.

Dans cette première édition de **Parlons vert**, notre Députée et architecte **Semiray Ahmedova** vous invite à une discussion autour du thème du logement et de l'habitat :

L'endroit où nous habitons impacte notre façon de vivre et notre quotidien.

Quelles sont les besoins et quelles améliorations souhaitez-vous pour votre quartier ?
Qu'appréciez-vous dans votre quartier ?

Quelles sont les nouvelles formes d'habitat et comment peuvent-elles contribuer à soulager la pression sur le foncier et les prix de l'immobilier ?

Concernant les politiques du logement, quelles sont vos attentes ? Que sont vos craintes ?

Venez discuter de tout cela avec Semiray, députée et présidente de la commission de logement à la Chambre, et partagez votre opinion avec nous. La discussion se tiendra en langue française au restaurant Chiche à Esch. Cette soirée est ouverte à tout le monde, n'hésitez donc pas à venir accompagné.e.s pour « parler vert ».

<i>Mandataire</i>	<i>Public cible</i>	<i>Date</i>	<i>Lieu</i>
Semiray Ahmedova	Membres et non-membres	26 octobre 2021 de 19:00 à 21:00	Restaurant Chiche 125, rue de l'Alzette, 4011 Esch-sur-Alzette



f. Let's talk green

The party has decided to launch a new series of discussion rounds in English called **Let's talk green**. The goal is to invite members and non-members, especially those who do not speak Luxembourgish, to come and discuss about political issues with one of our Members of Parliament (MPs).

The first English edition will take place in the week of January 20th (the exact day will be communicated on a later date). The discussion will be led by our green MP, Carlo Back and will focus on education, transportation and inclusion:

What are the main challenges of the Luxembourgish school system, especially for children whose mother tongue is not Luxembourgish? How could it be improved?

What are the main challenges Luxembourg is facing today concerning mobility and transportation? How has transport changed over the years and where is Luxembourg heading?

How can politics become more inclusive, especially for non-Luxembourgish speakers?

Let's discuss these questions and many more with our MP Carlo Back. Participants are encouraged to share their opinions and give feedback. This event is open to everyone, so do not hesitate to bring friends and family to "talk green".

(Even though the exact date is not yet known, it is already possible to register for this event, the details will then be communicated to you by email.)

<i>MP</i>	<i>Target group</i>	<i>Date</i>	<i>Location</i>
Carlo Back	Members and non-members	In the week of January, TBA 20th 2022 (exact day will be communicated on a later date)	

g. Beweeg dech am Gréngen

Eis Zäit huele fir zesummen hei am Land Natur a Kultur ze entdecken, eis dobäi un der frëscher Loft ze beweegen, d'Mateneen an der Partei héichzehalen an dobäi och familljefrëndlech ze sinn - fir eis gehéiert dat alles zu eisem Parteiliewen.

Dofir hu mir eng dëst Joer eng nei Fräizäitoffer fir d'Memberen an och Net-Memberen an d'Liewen geruff. Mir wëllen hei Natur, Konscht a Kultur, Sport a Bewegung, matenee verbannen. Mir freeën eis op flotte Plazen an eisem Land zesummenzekommen, ënner dem Motto: "Beweeg dech am Gréngen!"

<i>Aktiviteit</i>	<i>Zilgrupp</i>	<i>Datum</i>	<i>Plaz</i>
Sport, Natur a Kultur erliewen	Memberen an Net-Memberen	14. November 2021	Bezierk Zentrum - Miersch

Déi genau Informatiounen kritt dir wéi gewinnt méi spët iwwer E-Mail matgedeelt.




IV. WELCOME BEI DÉI GRÉNG

Ween sinn déi gréng? Wat sinn eis Grondsätz? Wéi funktionnéiert eis Partei? Wie mécht wat? Wou kanns du dech wéi abréngen? Vun eisen engagéierte Lokalsektiounen, zu den themateschen Aarbechtsgruppen, bis d’Kongresser - et gi vill Weeër fir an der Partei matzemaachen. Mir wëllen eisen neie Membere Basisinformatiounen iwwert eis Partei ginn, a ganz besonnesch op hir Froen äntweren.

No dëser Aféierung an déi gréng Partei, organiséiere mir en Owesiessen mat eise Parteipräsident:innen a weideren nationale Mandatairen. Sou hunn eis nei Memberen d’Méiglechkeet d’Politiker:innen aus der Partei besser kennenzelieren.

<i>Formateur/trice</i>	<i>Zilgrupp</i>	<i>Datum/Plaz</i>	<i>Datum/Plaz</i>
Mataarbechter:innen aus der Partei	Nei Memberen	9. Februar 2022 vun 18:30 - 20:00	Fraktioun
		Dono Owesiessen	4, rue du St Esprit 1475 Luxembourg (en présentiel)



V. TIMELINE

Dës Tabell gëtt iech en Iwwerbléck iwwert eis Formatiounen. "Hybrid Format" heescht, dass een en présentiel dobäi sinn oder sech via Zoom aschalte kann.

<i>Datum</i>	<i>Formatioun</i>	<i>Plaz</i>
12. September 2021	Visitt guidée vum DemokratieLabo	Château de Vianden RDV um 14:45
23. September 2021	Press & Politik	Fraktioun um 19:00 (Hybrid Format)
7. Oktober 2021	Reunioune gutt leeden (Debutant)	Fraktioun um 19:00 (Hybrid Format)
Datum kënn nach no	Online Hatespeech: Sou klengt Hate Speech zu Lëtzebuerg	Online
26 octobre 2021	Parlons vert (FR)	Restaurant Chiche, Esch-Alzette à 19:00
Enn Oktober 2021	Gemeengefinanzen verstoen	Fraktioun (Hybrid Format)
November 2021	Fonctionnement an Organisatioun vun der Gemeng	Fraktioun (Hybrid Format)
10. November 2021	Wie mir sinn (Demografie)	Fraktioun um 19:00 (Hybrid Format)
14. November 2021	Beweeg dech am Gréngen	Miersch (méi Informatiounen kommen no)
25. November 2021	Kommunikatioun op de soziale Medien	Fraktioun um 18:30 (Hybrid Format)
4. Dezember 2021	Content Creation	Fraktioun um 10:00 (en présentiel)

<i>Datum</i>	<i>Formatioun</i>	<i>Plaz</i>
9. Dezember 2021	Klimaschutz an nohalteg Energieversuergung	Fraktioun um 18:30 (en présentiel)
12. Dezember 2021	Visitt guidée vun der Expositioun "Gleef dat net"	Lëtzebuerg City Museum RDV um 14:45
5. Januar 2022	Déi nei gréng Internetsäiten benotzen	Fraktioun um 19:00 (en présentiel)
In the week of January, 20th 2022	Let's talk green (EN)	TBA
29. Januar 2022	Amenagement communal a kommunal Logementspolitik	Jugendherberg an der Stad um 9:00 (en présentiel)
1. Februar 2022	Liwverkettegesetz: Wou steet Lëtzebuerg a wat steet um Spill?	Fraktioun um 18:30 (en présentiel)
9. Februar 2022	Welcome bei déi gréng	Fraktioun um 18:30 (en présentiel)
10. Februar 2022	Genderschrëft - Gendergerecht schreiwen	Fraktioun um 18:30 (Hybrid Format)
23. Februar 2022	Filmopféierung "An Zéro" an Debatt mam Claude Turmes	Ciné Le Paris um 18:30
An der Woch vum 1. Mäerz 2022	Reunioune gutt leeden (avancé)	Fraktioun (en présentiel) Detailer kommen no
7. Mäerz 2022	Fräien Austausch: Fraen an der Politik	Fraktioun um 18:30 (en présentiel)

Umelle kënt dir iech elo schonns fir all d'Formatiounen via de Formulaire op eisem Internetsite greng.lu oder iwwer Telefon am Parteisekretariat um 27 48 27 - 1

D'Deadline ass an der Reegel bis spëtstens dräi Deeg virun der Aktivitéit.

All eis Formatiounen si Covid-Check-Eventer, de 3G-Prinzip gëtt applizéiert (geimpft, genesen, getestet).



Parteisekretariat

3, rue du Fossé
L-1536

+352 27 48 27 1
greng@greng.lu

